PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 10/07/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.

A virege parlamentaresche Froen un de Mëttelstandsminister hunn ech verschidden Informatiounen zu der Online-Plattform "Letzshop" geliwwert krut. An der Äntwert op d'Fro n°2176 huet de Minister ënnerstrach, dass d'Plattform wärend der Covid-19-Pandemie immens gewuess ass. Dëst ass natierlech engersäits de klenge Geschäfter zegutt komm, déi trotz zouenen Diere weider hier Produite konnte verkafen an doduerch hier Verloschter konnte minimiséieren.

Doriwwer eraus hunn och Restaurateure probéiert hier Produiten iwwert dës Plattform unzebidden, wéi de Minister a senger Äntwert op meng Fro n°2252 wësse léisst:

> "Als einfachst logistesch Léisung, déi direkt kann ëmgesat ginn, kann een op Letzshop.lu de Click&Collect ubidden, d.h. de Client kann seng online Bestellung direkt am Betrib ofhuelen. Vereenzelt Betriber hunn dës Léisung schonn ëmgesat."

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert de Minister an noer Zukunft een direkte Liwwerservice fir Restauranten op Letzshop ubidden an dësen op letzshop.lu hosten (z.B. ënnert der Subdomain horesca.letzshop.lu)? Falls jo, kann hien weider Erklärunge liwweren, wéi dëse wäert funktionéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député